

huet, absolut keng Kritik un enger Haltung war, déi ech als Justizminister gewisen hunn, well en och ausdrécklech dobäi gesot huet, datt ee Justizminister doriwwer keng Aussoe maache kënnt, sou dass ech lech do leider op deem Punkt enttäusche muss. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Kommunikatiounsminister François Biltgen, fir den Dépôt vun engem Projet de loi.

6. Dépôt d'un projet de loi

M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications.- Merci Här President, ech hunn déi grouss Eier, als delegéierte Kommunikatiounsminister haut op de 5. Spierkel dat neit Pressegesetz hei ze deponéieren, wou de Groussherzog Henri, den 28. vum Haartmount eise Premier Minister autoriséiert huet, dat hei ze ginn. Ech freeë mech schonn op déi Diskussion an der Mediekommissioun.

- *Projet de loi 4910 relatif à la liberté d'expression dans les médias.*

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Minister François Biltgen. D'Wuert huet lo nach den Här Minister Henri Grethen.

7. Question urgente 1506 de M. François Bausch au sujet de l'affaire de la société de transport Kralowetz (Suite)

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- Här President, ech wollt d'Chamber, no där Aktualitéitsstonn vun der leschter Woch iwwert dat informéieren, wat ech do gefrot gi war, an zwar ob eng Enquête administrative iwwer een héije Beamten am Transportministère senger Zäit gewiescht wär. Et ass effektiv 1991 een héije Fonctionnaire, een aneren héije Fonctionnaire, den 23. September 1991 vum deemolege Statsminister Jacques Santer mat enger Enquête administrative iwwert dee besoté Beamte chargéiert ginn. Déi Enquête hat weder ee Caractère contentieux, nach ee Caractère disciplinaire. D'Konklusioun vum där Enquête waren - ech zitéiere just doraus, well ech net autoriséiert sinn, der Chamber Kommunikatioun vum deem Dossier ze ginn -: "Enfin, le soussigné est d'avis que l'institution de la présente enquête administrative a constitué le moyen propre à confirmer la dignité morale et professionnelle de M. Morby."

M. le Président.- Den Här François Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Dat ass alles schéin a gutt, mä ech mengen awer, dass d'Chamber vläicht ee Recht drop hätt fir ze gesinn, wat do enquêtéiert ginn ass. Ech muss awer soen, dass ech mech net domat zefridde ginn, wann einfach gesot gëtt et wär näischt festgestallt ginn. Ech wéisst awer weinstens och gäre wat enquêtéiert ginn ass, ech wëll dat nämlech vergläiche mat deem, wat

lo an der Öffentlechkeet an der Debatt steet par rapport zum Beamten.

Ech fannen, datt et mäi Recht ass, als Deputéierten, a sou enger Situatioun, wéi an där heiten, mat deem wat um Spill steet, gewuer ze ginn, wat an deem Dossier do drasteet.

M. le Président.- De Minister Henri Grethen huet d'Wuert.

M. Henri Grethen, Ministre des Transports.- Här President, ech wollt lech da matdeelen, well dat dem Här Bausch säin Uleies ass, wat d'Missioun vun där Enquête war. Ech liese vir: "S'agissant d'une enquête administrative, les investigations nécessaires à apporter la lumière sur les accusations en question" - dat war dat wat an engem Artikel vum "Lëtzebuerger Journal" stoung - "ne peuvent dépasser le cadre de l'administration gouvernementale elle-même, faute d'habilitation supplémentaire dans le chef de l'enquêteur. Il reste à noter que la présente enquête administrative n'a de caractère ni contentieux, ni disciplinaire."

Et ass eenzeg an eleng ëm Uschëllegung gaang, déi 1991 an engem Artikel géint de Fonctionnaire erhuewe gi sinn am "Lëtzebuerger Journal", an d'Enquête vun deem héije Fonctionnaire ass ganz klor no Auditoun vun all méiglechen Témoins zur Konklusioun komm, dass deem Beamten näischt virzewerfe wär.

M. le Président.- Als nächste Punkt hu mir um Ordre du jour, op Ufro vun dem Här François Bausch vun der grénger Fraktioun, eng Heure d'actualité iwwert d'Konklusioun vum "Rentendesch".

D'Wuert huet den Här François Bausch.

8. Heure d'actualité demandée par le groupe "Déi Gréng" relative au document final du "Rentendesch"

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, mir hunn als gréng Fraktioun déi Aktualitéitsstonn hei ugefrot, well um Rentendesch d'lescht Joer virum Schluss vun der parlamentarescher Sessioun am Summer, eigentlech niewent deene konkrete Verbesserungsvirschléi, déi an deem Document final enthalen sinn, iwwer déi d'Regierung soll légiféréieren, och véier Punkte festgehale gi sinn, déi um Rentendesch diskutéiert gi sinn a wou gesot ginn ass, dass an där Form an där kuerzer Zäit, déi mer zur Verfügung hate bis de Summer, et net méiglech wär, déi Punkten ze diskutéieren, well et sech hei ëm Saache géng handeln, déi eigentlech "réformes en profondeur" wäeren, dat heescht, wou vill Detailler missten zesummegesicht a Recherche gemaach ginn, an dat wäere gréisstendeels Reformen, déi sech och op laang Siicht géingen ausrichten, an et wär onméiglech am Kader vum Rentendesch virum Summer, déi do Problemer unzeshneiden, respektiv Léisungsvirschléi ze fannen.

Do waren zwee Problempunkter, déi op Initiativ vun deene Gréngen op de Rentendesch bruecht gi sinn. Ech